N°2771
Entrée le 29.08.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Gemeinsam Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, an vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau, Martine Hansen, op d'parlamentaresch Fro n°2771 vum 12. August 2025 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen zum Sujet "Confiscation d'animaux abusés"**

**1. Sinn d'Ministeren doriwwer informéiert a stëmmt et, dass der Police an esou Fäll, wéi uewe beschriwwen, d'Hänn gebonne sinn?**

D'Déierequälerei ass duerch d'Gesetz vum 27. Juni 2018 "*sur la protection des animaux*" verbueden.

D'Police huet d'Flicht, an all Fäll vun akuter Déierequälerei oder enger imminenter Gefor fir d'Déier, vun der si Kenntnis huet, adequat ze reagéieren. Dëst war an de leschten 20 Méint am Kontext vun dëser parlamentarescher Ufro bei dräi Geleeënheeten de Fall.

Och wann d'Déiere gechippt, awer net an engem System registréiert sinn, besteet d'Méiglechkeet, fir géint evident Déierequälerei virzegoen.

**2. Erlaabt déi aktuell Gesetzeslag, fir een Déier, wat ausgenotzt an/oder mësshandelt gëtt, ze konfiszéieren?**

Eng Konfiskatioun kann an verschidden Fäll op Basis vum ofgeännerte Gesetz vum 9. Mee 2008 „*relative aux chiens*" oder vum virgenannte Gesetz vun 2018 vun engem Riichter decidéiert ginn.

D'Police ka eng Saisie maachen, awer keng Konfiskatioun. 2024 goufen ee Hond an dräi Welpe saiséiert. 2025, ass et bis elo een Hond, dee saiséiert ginn ass.

Lëtzebuerg, den 29. August 2025
Den Inneminister
(s.) Léon GLODEN